# buet

04 2021

GEMENG manternach



# Kontakt

**Secrétariat / Population / Etat Civil / Facturation**
Guy ROSEN
Secrétaire communal
Etat Civil
Tél.: 71 01 72 – 23
Fax: 71 08 16

Claire PIERRET
Secrétariat / Etat Civil / Facturation
Tél.: 71 01 72 – 27
secretariat@manternach.lu

Véronique THEWES
Secrétariat / Bureau de la Population
Tél.: 71 01 72 – 21
population@manternach.lu

**Recette**
Pit HOFFMANN
Receveur communal
Tél.: 71 01 72 22
recette@manternach.lu

**Service technique**
Marc LOMMER
Responsable service technique
Tél.: 71 01 72 – 24

Ben THILL
Responsable adjoint service technique
Tél.: 71 01 72 – 26

Marc WANTZ
Chargé technique
Tél.: 71 01 72 – 25
technique@manternach.lu

**Service d'incendie**
Christian WEIS
Chef de Corps
Tél.: 621 250 952

**Service forestier**
Luc ROEDER
Préposé forestier
Tél.: 247-56 50 2
GSM: 621 202 133

**Service technique / Centre de recyclage**
Paul PAULUS
Chef d'équipe
GSM: 710172-35

# Eise Schäfferot



**HOFFMANN Jean-Pierre**
Buergermeeschter / *Bourgmestre*



**KLEIN-UNGEHEUER Alix**
Schäffin / *Échevine*



**THEISEN Claude**
Schäffen / *Échevin*

# Adress

3 Kirchewee
L-6850 Manternach

## Ëffnungszäite vun der Gemeng

Wéinst der aktueller Covid-19 Situatioun kënne mir Iech just op Rendez-vous empfänken.

**Fannt eis och op:**
**manternach.lu**

# Impressum


**De Gemengebuet**
Offiziellt Informatiouns-Blad vun der Gemeng Manternach

**Editeur**
Schäfferot vun der Gemeng Manternach

**Layout / Mise en page:**
Marc Wilmes Design

**Drock:**
Imprimerie Reka
L-4835 Ehlerange

**Oplag / Tirage:** 850
N°4 / 2021

**Redaktiounsschluss / Clôture de la rédaction:**
22.11.2021



01

## D'Liewen an der Gemeng


| | |
|---|---|
| Studenten- a Sportleréierung | 11 |
| Commémoration Nationale | 12 |
| Embau vum Gemengenhaus | 14 |
| Op de Spueren vum SIAS | 17 |
| Hierschtmaart | 18 |
| Pacte Logement | 20 |
| Diplomiwwerreeschung Musékschoul | 20 |
| Quizowend | 21 |
| Dag vum Bam | 22 |


02

## D'Aktualitéiten


| | |
|---|---|
| Chantieren | 25 |
| Nei Stroosseschëlder | 28 |
| Säll an der Gemeng | 29 |
| De Wanter ass do | 30 |
| Klimapakt Auszeechnung | 31 |
| Keng Bluttanalyse méi an der Gemeng | 31 |
| EBL – Klengschrett.lu - Zigarettestëmp | 32 |
| Ruffbus | 33 |
| Neijoersreceptioun | 34 |
| Verschiddenes | 35 |
| Loftopnahmen vun der Gemeng | 36 |


03

## De Réckbléck


| | |
|---|---|
| D'Veräiner aus der Gemeng an hir Geschicht | 43 |

04

## De Klaatsch & Traatsch


A Wiewesch 51

Etat civil 54

Happy Birthday 55

Verstoppte Plaz 56

Foto vum Mount 57


05

## Den Zäitverdreif


De Gemengequiz 59

D'Gemengerezept 60


06

## De Raider


Gemengerotssëtzungen 63

Publikatiounen 80



# Virwuert vum Buergermeeschter

## Léif Matbiergerinnen a Matbierger,

D'Joer 2021 geet op een Enn mee d'Pandemie begleet eis leider nach ëmmer weider. Mir hunn an de leschte knapp zwee Joer vill ënnert der Situatioun an de Restriktioune gelidden an ech hoffen dass d'Joer 2022, trotz der aktueller véierter Well, méi „normal" wäert ginn. **An de leschte Wochen a Méint ass dat soziaalt Liewe glécklecherweis erëm no an no zeréck komm an och bei eis an der Gemeng sinn erëm Fester organiséiert ginn - d'Gemeng hat verschidde Veranstaltungen an d'Veräiner konnten endlech erëm hiren Aktivitéiten nogoen.** Momentan gesäit et awer leider net esou gutt aus, mee hoffe mer dat Bescht.

## *Chères concitoyennes, chers concitoyens,*

*L'année 2021 touche à sa fin, mais malheureusement la pandémie nous occupe toujours. Les deux années passées étaient marquées par des restrictions fatigantes mais soyons confiants que, malgré la quatrième vague avec laquelle nous nous voyons confrontés actuellement, l'année 2022 deviendra plus „normale". **Les semaines et mois passés ont permis un retour à la vie sociale avec l'organisation d'évènements par la commune ainsi que la reprise des activités par les associations locales.** Actuellement la situation ne se montre pas tellement favorable mais restons optimistes.*

> An de leschte Wochen a Méint ass dat soziaalt Liewe glécklecherweis erëm no an no zeréck komm an och bei eis an der Gemeng sinn erëm Fester organiséiert ginn - d'Gemeng hat verschidde Veranstaltungen an d'Veräiner konnten endlech erëm hiren Aktivitéiten nogoen.

Natierlech ass och an de leschte Wochen a Méint un de Projet'en um Gemengenniveau geschafft ginn, och wa mir vläicht net ëmmer wéi gewënscht viru komm sinn. Sou huet den Ausbau vum Späicher vun der Gemeng ugefaangen. Säitdeem d'Gemeng an dat aalt „Härenhaus" agezunn ass, huet sech d'Awunnerzuel vun der Gemeng quasi verduebelt. Dementspriechent ass et evident, dass mir och méi Personal an deemno och méi Platz brauchen, fir de villen Aufgaben als Administratioun gerecht ze ginn.

Et louch fir eis op der Hand, de Späicher vum Gebai auszebauen, well mir esou net mussen een neit Gebai niewent dat anert setzen. **Méi Bürosfläch erlaabt eis et, een nach bessere Service um Bierger kennen unzebidden.** Weiderhi gëtt d'Gebai och aarbechtstechnesch op de neiste Stand gesat. Bis Mëtt nächst Joer sollen des Aarbechte fäerdeg gestallt ginn. Mir bieden Iech bis dohi weider, fir all administrativ Demarchen e Rendez-vous op der Gemeng ze huelen an entschëllegen eis fir all Onannehmlechkeeten.

**Als eng Gemeng, déi op Grond vum PAG an den domat verbonnene Bauprojet'en vill wiisst, ass et natierlech och wichteg bei de Schoulen an de Betreiungsstrukturen déi néideg Infrastrukture bereet ze stellen.** De Schäfferot ass weiderhin ambitionéiert fir an dësem Beräich verschidde

*Bien que les progrès ne se réalisent pas toujours aussi vite qu'on s'attend, les projets au niveau communal ont aussi avancé au cours des derniers mois. Notamment les travaux pour l'extension de la mairie ont débuté. Depuis le déménagement dans l'ancien „Härenhaus", la population de la commune s'est presque doublée. Il est donc évident que le besoin en personnel et en surface de bureaux a augmenté de manière égale.*

*On est convaincu que la meilleure solution consistait en l'extension du bâtiment existant afin d'éviter la construction d'un nouveau bâtiment à côté de l'ancien.* ***L'augmentation de la surface de bureaux nous permet d'améliorer le service aux citoyens.*** *En même temps une mise en conformité du bâtiment sera réalisée. La fin des travaux est prévue pour mi-2022. Pendant le temps des travaux, nous vous prions de toujours prendre un rendez-vous auprès du service concerné avant de vous rendre à la mairie et de nous excuser pour les inconvénients.*

***Notre commune se trouve en un état de croissance constante, dû au PAG et aux projets de construction y afférents. Il est donc important d'investir dans les infrastructures scolaires et d'accueil.*** *Le collège échevinal continue à poursuivre ses ambitions dans ce domaine. Après l'inauguration de la nouvelle annexe de l'école en 2018, il incombe maintenant de s'occuper*

Iddien ze developpéieren. Nodeems déi nei Schoul 2018 ageweit ginn ass, ass et lo un der Zäit fir méi Platzen an de Betreiungsstrukturen ze schaafen. Wéi schonn ugekënnegt, plange mir aktuell de Bau vun enger Crèche zu Manternach. **Hei soll dat aalt Gemengenhaus mat genotzt a revaloriséiert ginn an eng Annexe dobäi gebaut ginn. Bis zu 60 Kanner sollen hei eng Platz kënne kréien. De Projet gesäit och eng nohalteg Heizzentral vir, mat där véier Gemengegebaier solle gehëtzt ginn.** Den Avant-Projet heivu krut de Gemengerot viru kuerzem presentéiert an soll deemnächst och an enger ëffentlecher Versammlung virgestallt ginn. Mir hoffen, wann alles gutt a schnell viru geet, bis zur Rentrée 2024 mat dësem Projet fäerdeg ze sinn.

Mee och d'Maison Relais zu Berbuerg stéisst lues a lues un d'Limitte vun hire Kapassitéiten an dofir plangt de Schoulsyndikat Synecosport een Ausbau vum existente Gebai. Heimat sollen iwwer 100 zousätzlech Platze geschaaf ginn. Dës Aarbechte solle laut den éischte Pläng am Joer 2023 starten. **Op weider Aspekter vun eisem Budget 2022 ginn ech dann am Préface vum nächste Buet respektiv a menger Neijoerschusprooch den 11.01.2022, op déi ech Iech all häerzlech invitéieren, an.**

Ech wënschen Iech vill Spaass beim Liesen an duerchkucke vum Gemengebuet. Weiderhi wënschen ech Iech am Numm vum Schäffen- a Gemengerot schéi Feierdeeg an e gudde Rutsch an dat neit Joer.

Wann dir weider Froen oder Umierkungen hutt, zéckt net mir ze schreiwen: **jean-pierre.hoffmann@manternach.lu**

*du développement des structures d'accueil. Comme déjà annoncé, on est actuellement en train d'élaborer un projet pour la construction d'une crèche à Manternach.* ***Le projet prévoit de revaloriser l'ancienne mairie et d'y attacher une nouvelle annexe afin de pouvoir accueillir jusqu'à 60 enfants. Dans ce cadre, quatre bâtiments communaux seront connectés à un système de chauffage commun durable.*** *L'avant-projet vient d'être présenté au conseil communal et sera aussi prochainement présenté au public lors d'une réunion publique. Si tout se passera bien, on pourrait viser une ouverture pour la rentrée scolaire 2024.*

*La Maison Relais à Berbourg arrive également aux limites de ses capacités. A cet effet, le syndicat Synecosport a lancé un projet pour l'extension du bâtiment existant. 100 places d'accueil supplémentaires sont prévues dans ce projet. Le début des travaux est prévu pour l'année 2023.*


***Je vous présenterai des aspects supplémentaires sur le budget 2022 dans la préface de notre prochain Buet ainsi que lors de notre réception du nouvel an en date du 11 janvier 2022, à laquelle je vous invite d'ores et déjà.***

*Je vous souhaite une bonne lecture de notre Gemengebuet et je profite également pour vous souhaiter en mon nom personnel ainsi qu'au nom du collège échevinal et du conseil communal de bonnes fêtes et une joyeuse année 2022.*

*Pour toute autre question ou suggestion, n'hésitez pas de me contacter:* ***jean-pierre.hoffmann@manternach.lu.***

# Bleift gesond / *Restez en bonne santé!*

**Jempi Hoffmann**
**Buergermeeschter / *Bourgmestre***




## Berbuerg

1. Campus Renert
2. Centre Beaurepaire
3. Atelier Communal
4. Dépôt communal
5. CIPA Haptmanns Schlass
6. Spillplaz Renert
7. Spillplaz Nicolas Wagner
8. Spillplaz Steekaul
9. Spillplaz Schoulstrooss

## Lellig

1. Centre Kräizstrooss
2. Spillplaz a Fol

## Manternach

1. D'Gemeng Manternach
2. De Centre Fiisschen
3. D'Gare
4. Spillplaz Fiisschen
5. Spillplaz Saint Désert
6. Multisport
7. Centre d'accueil A Wiewesch
8. Départ Traumschleife

## Münschecker

1. Centre Kueb
2. Spillplaz Groesteen

# D’Liewen an der Gemeng



GEMENG manternach

# Studenten- a Sportleréierung

**Den 22. September 2021 sinn zu Berbuerg am Centre Beaurepaire d'Sportler an d'Studenten fir hir gutt Leeschtungen am Schouljoer, respektiv an der Saison 2020 / 2021 geéiert ginn.**









# Commémoratioun

**Den 10.10.2021 waren d'Gedenkfeieren an der Gemeng Manternach.**

Den Dag vun der Commémoration Nationale erënnert eis all Joer un d'Zäit vun der Occupatioun vun 1940 – 1945.

Fir d'Bedeitung vun dësem Dag ze ënnersträichen, waren dëst Joer, wéi all Joer, **Gedenkfeieren an deene 4 Dierfer vun der Gemeng Manternach.**



















# Ëmbau vum Gemengenhaus

**Den 1. Oktober 2021 hunn d'Ëmbauaarbechten am Gemengenhaus ugefaangen.**



An deenen nächste Méint wäert de Späicher ausgebaut, an eng Mise en Conformité vum ganze Gebai duerchgefouert ginn. Dës Aarbechte sinn néideg gi fir de Service um Bierger kënnen ze verbesseren.


Um Späicher entstinn 2 nei Büroe fir de Service Technique, ee Versammlungsraum, eng Kichen an e funktionellt Archiv. Ausserdeem gëtt d'Gebai sécherheets- a brandschutztechnesch op den neiste Stand bruecht, **fir esou den aktuell virgeschriwwene Norme kënne gerecht ze ginn.**





















Mir wëllen nach eng Kéier drun erënneren, dass mir Iech och wärend dem Ëmbau nëmmen op Rendez-vous kënnen ëmfänken. **Denkt drun am Viraus bei deem entsprechende Service e Rendez-vous unzefroen.**

Fir all Rendez-vouse gëllen déi normal Ëffnungszäite vun der Gemeng.



Architekt:

planetplus ARCHITECTES & URBANISTES

# Op de Spuere vum SIAS

**Eis Gemeng engagéiert sech am Naturschutz.**

2016 trat unsere Gemeinde der Biologischen Station SIAS bei. Die Biologische Station ist die Naturschutzabteilung im Syndikat SIAS und setzt konkrete Projekte in den Bereichen Naturschutz, extensive Landwirtschaft sowie Naturbildung um. In den kommenden Monaten wollen wir verschiedene Naturschutzprojekte in unserer Gemeinde vorstellen.


www.sias.lu
Marc THIEL
5, rue Neihaischen
L-2633 Senningerberg


## Thema dieser Ausgabe: Baumpflanz-Projekte

Bäume erfüllen zahlreiche Funktionen: Sie sind wichtige CO2-Speicher und somit im Hinblick auf Klimaschutz von herausragender Bedeutung. Sie filtern die Luft und produzieren Sauerstoff. Bäume prägen aber auch unsere Landschaften und stellen einen wichtigen Lebensraum für Tiere und Pflanzen dar, ganz abgesehen von verschiedenen Funktionen, die der Landwirtschaft zugutekommen (z.B. Erosions- und Verdunstungsschutz oder Schattenspender für das Weidevieh). Es gibt also genügend Gründe Bäume zu pflanzen. **Ob es Laubbäume oder Obstbäume sind, ist dabei zweitrangig. Wichtig ist, dass einheimische Bäume gepflanzt werden, da einheimische Bäume einen höheren ökologischen Wert haben als exotische Ziergehölze.**

Die Biologische Station SIAS führt verschiedene Projekte zur Pflanzung von Obstbäumen, einheimischen Hecken und Laubbäumen. Durch staatliche Subventionen und durch die finanzielle Beteiligung unserer Gemeinde am Projekt können im Rahmen der SIAS Projekte Obst- und Laubbäume sowie einheimische Hecken kostenlos gepflanzt werden. Dabei gilt es einige Kriterien einzuhalten. So müssen die Gehölze in der freien Flur (also außerhalb des Bauperimeters) gepflanzt werden. Zudem muss der Grundstücksbesitzer eine Konvention unterschreiben, in der er sich verpflichtet, die gepflanzten Bäume während 20 Jahren nicht mehr zu entfernen.



**Die Biologische Station SIAS organisiert die gesamte Pflanzaktion, sodass der Grundstücksbesitzer sich lediglich um das Gießen der Gehölze in den ersten Standjahren zu kümmern braucht.** Wenn auch Sie einen „Bongert“ oder ein Stück Land außerhalb des Bauperimeters haben, auf dem Sie Bäume oder Hecken pflanzen wollen, dann melden Sie sich bei der Biologischen Station SIAS.



# Hierschtmaart

**Den 19. September 2021 war Hierschtmaart am Centre d'Accueil a Wiewesch zu Manternach.**

Niewt regionale Produkter aus Handwierk a Landwirtschaft **ass dëst Joer och e Repair Café ugebuede ginn**, wou fräiwëlleg Reparateure gehollef hunn, Saachen ze flécken a sou Geigestänn en neit Liewe ze ginn, wéi z.B. Véloen, kleng Haushaltsgeräter, Computeren, Kleeder, Textilien a kleng Miwwelen.





D'Fraen a Mamme vu Lelleg hunn d'Visiteure mat hausgemaachene Kniddelen a mat Kuch a Gebäck verwinnt. **Organiséiert war dëse Maart vum Klimateam vun der Gemeng Manternach, zesumme mat der Gemeng an dem Naturschutzzenter a Wiewesch.**













# Pacte Logement

Den 21.9.2021 war zu Réimech eng regional Konferenz iwwert de Pacte Logement 2.0, **wärend där den Här Buergermeeschter Jean-Pierre Hoffmann, zesumme mam Här Henri Kox, Minister vum Logement,** déi initial Konventioun fir de Pacte Logement 2.0 ënnerschriwwen huet.



# Diplomiwwerreechung Musekschoul





**Gréiwemaacher**
**22.10.2021**



**Iechternach**
**29.10.2021**



# Quizowend

De 4. November 2021 huet d'Jugendkommissioun vun der Gemeng Manternach am Café Beim Beichtstull **hire Quiz-Owend organiséiert.**












# Dag vum Bam

**De nationalen Dag vum Bam 2021 ass dës Joer den 20 November 2021 zu Mënjecker beim Waasserbaseng gefeiert ginn.**

**D'Gemeng huet sech, an Zesummenarbecht mam SIAS, dës Joer nees eng nei Aktioun am Kader vum Dag vum Bam iwwerluecht.** D'Gemeng offréiert all Stot e Pak mat 5 Wëllstauden fir d'Gäert ästhetesch an ekologesch opzewäerten a fir Bestëpser-Insekten eng wichteg Nahrungsquell ze bidden.

Am Virfeld vum Dag vum Bam hat de Comité vum Synecosport och scho mat de Kanner aus dem Cycle 2.1 zwee Beem geplanzt. Dës Aktioun war och de Startschoss vum Schoulgaart, deen d'nächst Joer um Site vun der Schoul wäert ugeluecht ginn.
















# D'Aktualitéiten



# Chantieren

**Aktuell Chantieren aus der Gemeng Manternach.**



## Hannert der Kierch, Berbuerg

Zu Berbuerg ass laanscht d'Kierch en neit Gelänner installéiert ginn.


## Neie Wee, Berbuerg

Am Neie Wee zu Berbuerg ass tëschent den Haiser n° 7A an n°11 d'Stroossebeliichtung op LED ëmgebaut ginn. Ausserdeem sinn d'Reseaue vum Eclairage public a Waasser nei geluecht ginn. D'Post huet profitéiert fir eng Glasfaserleitung matzeleeën.



## Neien Zebrasträifen

Am Kader vum Séchere Schoulwee ass zu Manternach an der Rue Bernard Neis en zousätzlechen Zebrasträife gemaach ginn.






## Syrdallstrooss

An der Syrdallstrooss ass vun der Barrière bis bei d’Haus No 29 en Trottoir amenagéiert ginn.



## Spillplazen

Op de Spillplazen zu Manternach, Lelleg a Mënjecker sinn nei Schaukelen a Spiller opgeriicht ginn. Mir hoffen dass si de Kanner vill Spaass maachen.









# Stroosseschëlder

**D'Gemengenaarbechter hunn an deene leschte Wochen déi nei Stroosseschëlder an der Gemeng opgehaangen.**















# Säll an der Gemeng

## Reservatioun vun de Säll an der Gemeng fir Privatpersounen

De Schäfferot informéiert d'Awunner, dass ab dem 1. Januar 2022, d'Säll an der Gemeng och ërem kënnen u Privatpersoune verlount ginn, sous Réserve, dass vun offizieller Säit keng weider Restrictiounen en place gesaat ginn **an nëmmen ënnert der Conditioun, dass d'Leit hir Manifestatiounen ënner dem Regime vum Covid-Check organiséieren.**



Centre Beaurepaire – Berbourg



Centre Fiischen – Manternach



Centre Kueb – Mënjecker

D'Formulaire fir d'Reservatioun fannt dir op eisem Internet-Site: **https://manternach.lu/administration/population/reservation-salles**



Centre Kräizstrooss – Lellig

# De Wanter ass do!

## *En hiver!*



D'Gemeng Manternach wëllt heimat seng Awunner drun erënneren, dass laut Artikel 14 vum Règlement de Police vun der Gemeng, **jiddereen muss dofir suergen dass bei Schnéi oder Glatäis, den Trottoir virun senger Dier propper an gestreet ass.**

*L'Administration Communale de Manternach tient à rappeler ses habitants que suivant article 14 du règlement de police communal,* ***les occupants sont tenus de dégager suffisamment les trottoirs devant les immeubles en cas de neige ou de verglas.***

**Merci fir Är Kooperatioun!**
***Merci pour votre coopération***

Eise Règlement de Police fannt dir op eisem Internetsite:
Le règlement de Police peut être consulté sur notre site web:

**https://manternach.lu/wp-content/uploads/2021/04/Conseil-Reglement-de-police-2019.02.13.pdf**

# Krëschtbeemercher



D'Amical „Rudden Hunn" an d'Pompjeeën Gemeng Manternach asbl. deele mat, **dass sie den 8. Januar vun 10.00 - 12.00 Auer d'Krëschtbeemercher asammele kommen.**



# Klimapakt





Den 11. Oktober huet de Buergermeeschter Jempi Hoffmann, stellvertriedent fir de Schäffen- a Gemengerot an d'Klimateam, déi éischt Zertifizéierung (sëlwer) vum Klimapakt vun der Ëmweltministesch Carole Dieschbourg um Klimapaktdag iwwerreecht kritt. **Hei e puer Projeten, déi säit 2017 an der Gemeng ëmgesat gi sinn:**

- LED-Ëmbau fir déi ganz ëffentlech Beliichtung
- Subsidereglement fir nohalteg Investitiounen
- Projet fir Wandenergie lancéiert
- Mobilitéit: Séchere Schoulwee, Ruff- an Nightlifebus
- PV-Anlagen op verschiddene Gemengegebaier
- Dämmung vun Centre Fiisschen an nei Heizungssteierung
- Offallvermeidung: BIO-Poubelle, Chip
- Digital Rechnungen
- An der Schoul: Nachhaltigkeit macht Schule
- SIAS: Nohalteg ëffentlech Grénganlagen

Copyright vun de Fotoen: myenergy

# Blutabnahme
# *Prises de sang*



## Mitteilung an die Einwohner der Gemeinde Manternach

Es tut uns leid Ihnen mitteilen zu müssen, **dass der bisherige Dienstleister für Blutabnahmen in der Gemeinde Manternach,** den Vertrag mit der Gemeindeverwaltung am 28. September 2021 ohne Vorwarnung und mit sofortiger Wirkung gekündigt hat.

**Wir bedauern diese Entscheidung und die damit verbundenen Unannehmlichkeiten für die Einwohner.**

## *Avis aux habitants de la Commune de Manternach*

*Nous sommes au regret de vous informer que le prestataire,* **responsable du service des prises de sang dans la Commune de Manternach,** *a résilié le contrat avec l'administration communale sans préavis et avec effet immédiat en date du 28 septembre 2021.*

***Nous regrettons cette décision et les inconvénients y relatifs pour nos citoyens.***

Der Schoffenrat | *Le Collège échevinal*

# Die Kippe ist nicht das Ende der Zigarette.

## *Le mégot n'est pas la fin de la cigarette.*

2 / 3 landen **auf der Straße, dem Gehweg oder in Gewässern!**

Wenn es regnet, gelangen **die giftigen Elemente** in unsere Böden und Flüsse.

**Der Filter besteht aus Kunststoff,** der sich nur sehr langsam und unvollständig


Von Tieren verschluckte Kippen können schmerzhaft **oder tödlich sein.**

*2 / 3 finissent* ***sur la route, le trottoir ou dans les cours d'eau!***

*Une petite pluie suffit à lessiver les produits* ***toxiques*** *vers nos sols et nos rivières.*

***Le filtre est en plastique****, dont la dégradation dans la nature est trés lente et incomplète.*

*Les mégots ingérés par des* ***animaux peuvent être douloureux / mortels.***




## Zigarettenkippen sind der Abfall, der am häufigsten in die Natur entsorgt wird.

**Sie gehören nicht auf den Boden, sondern in den Aschenbecher / Müll!**

## *Le mégot de cigarette est le déchet le plus souvent jeté dans la nature.*

***Sa place n'est pas sur le sol, mais dans le cendrier ou la poubelle!***








RUFF BUS
MANTERNACH
28 108-37
24h
méindes bis freides
vun 8.30 Auer
bis 17.30 Auer
PRÄIS & INFOEN
1 €
Eenzel Faart
2 €
Hin- a Réckfaart
10 €
Carnet fir 10 Faarten
De Minibus ass fir Kutschen a Rollstill adaptéiert
Gratis fir Kanner ënner 8 Joer a Begleedung vun engem Erwuessenen.
Reservatioun
8 DEEG am Viraus méiglech, an speitstens 30 Minutten virum Depart ënnert der Nummer 28 108 - 37 (ëmmer erreechbar). Deelt eis dobäi den Depart an d'Zil wéi och d'Auerzäiten an d'Unzuel u Leit mat, déi matfuere wëllen.
Gréivemaacher
› Moartplaz
› Sportshal op Flohr
› Copal
› Potaschbierg
› Aktiva
› Gare Routière
Gemeng Manternach
› Manternach
› Bäerbuerg
› Lelleg
› Mënjecker
Iechternach
› Gare
› Basilika
› Nonnemillen
› Centre médical
Wasserbëlleg
› Gare
Mertert
› Copal
Gemeng manternach
emile weber
KlimaPakt



# De Schäfferot invitéiert op de Neijoerschpatt

De Schäfferot vun der Gemeng Manternach invitéiert
iech häerzlech op déi traditionnel Neijoersreceptioun

Dënschdes,
**den 11. Januar 2022 ëm 19.00h**
am Centre Beaurepaire
zu Berbuerg.


NIGHT LIFE BUS
Komm Freides an Samschdes owes sécher heem!
Les vendredis et samedis soir, rentre chez toi en toute sécurité !
emile weber
SDK SuperDrecksKëscht
Klimaschutz und Kühl-/Gefriergeräte
Richtig handeln bei Kauf und Entsorgung
Protection du climat et réfrigérateurs / congélateurs
Vermeidung
Prévention
Entsorgung und Verwertung
Élimination et recyclage
Ressourcenpotential Kühlgeräte
ecotrel
Wie wäre es, wenn Sie Ihren Verbrauch …
… durch eine energetische Renovierung senken?
myenergy
Eng App fir alles ronderëm den Offall zu Lëtzebuerg!
MÄIN OFFALL
WOU?
WÉINI?
WÉI?
Bicherbus
Vun 13:40 bis 14:25
zu Berbuerg
22.01. | 12.02. | 05.03.

# Loftopnamen

**Fir d'Entwécklung vun der Gemeng ze dokumentéieren, huet d'Gemeng Loftopname vun allen Dierfer maache gelooss.**

## Manternach















# Berbuerg















# Lellig





## Mënjecker






Well heibäi flott Fotoen enstaane sinn, géife mir dës och gären fir eisen Internet-Optrëtt notzen. Wann dir net averstane sidd, dass een är Proprietéit vun uewe ka gesinn, da mellt iech w.e.g. bis den 31.01.2022 am Sekretariat vun der Gemeng, fir dass mir d'Fotoe kënne beaarbechten a sou deelweis onkenntlech maachen.

**Merci fir är Kooperatioun.**

Fotoen vun ©Local Lux TV Sàrl

# De Réckbléck



GEMENG
manternach

# Veräiner

## D'Veräiner aus der Gemeng Manternach an hir Ufäng – 1. Deel. D'Fräiwëlleg Pompjeeën

### Berbuerger Pompjeeën




### Grënnungsmemberen:

| | | | |
|---|---|---|---|
| Klein Georg | Horniste | Neumann Niclas | Spritzenmann |
| Palgen J. | Horniste | Hertzig f.? | Spritzenmann |
| Stoos Heinrich | Horniste | Palgen f. | Spritzenmann |
| Wolf P. | Horniste | Palgen Niclas | Spritzenmann |
| Schröder f. N.? | Horniste | Hansen Johann | Spritzenmann |
| Backendorf P | Horniste | Wolf Heinrich | Spritzenmann |
| Streff J. P. | Wagenführer? | Geisen Ed.? | Spritzenmann |
| Zeimet Peter | Lanzenführer | Hübsch N. | Spritzenmann |
| Hertzig P | Lanzenführer | Engel N. | Spritzenmann |
| Stoos H. | Lanzenführer | Wolf Urbarn? | Spritzenmann |
| Hübsch J.P. | Lanzenführer | Poos P. | Spritzenmann |
| Benoit J. | | Engel Peter | |
| Grün J. | | Hübsch P. | |
| Zeimet N. | | Stoos Mathias | |
| Hensel W. | Spritzenführer | Knepper Al. | |
| Geisen Michel | Spritzenführer | Bastian B. | |
| Röser Niclas | Kontroller | Zeimet Joseph | |
| Knepper B. | Spritzenmann | Medinger Eugen | |

Am Joer 1903 sinn d'Berbuerger Pompjeeë gegrënnt ginn. Si waren zu 37 Mann op der Lëscht vum Nationale Pompjee's Verband agedroë ginn.

D'Gemeng huet op hier Demande och am selweschte Joer e Kredit vun 1000 – 1200 Frang zum Kaf vun enger Pompel accordéiert. Dëss éischt Pompel war eng Magirus op 4 Rieder, déi vun 2 Pärd gezu ginn ass, an déi 8 Mann gebraucht huet fir datt se fonktionnéiert huet.

**Den éischte Kommandant war den Zeimet's Jusef. Hien hat eng militäresch Ausbildung aus enger preisescher Arméi an huet doduerch och probéiert seng Mannschaft a gudder Konditioun ze halen.**






1968


1978





1995


2003







# Manternacher Pompjeeën






1922



1975

**De 4. Januar 1909 hu 34 Manternacher Awunner beim Landesverband e Pompjee's Corps ugemellt.**

An der Gemengerotssëtzung vum 7. August an dem 4. November 1909 huet d'Gemeng der Sektioun Manternach e Spezialkredit fir d'Uschafung vun engem Schlauchwôn (150 Frang), Pompjee's Material (307,06 Frang) an eng enger Sprëtz (1500 Frang) accordéiert.



1975



1995



1995




## Grënnungsmemberen:

| | | |
|---|---|---|
| Lahr Theodor | Kommandant | Trierweiler H. |
| Thiel Mathias | Unterkommandan | Flammang |
| Weis-Muller Jean | Kassierer | Trierweiler Jean |
| Weis-Kirchen | Schriftführer | Scholtes Jean |
| Haag-Schaminl J. | | Roberts M. |
| Mehlen A. | | Kinnen M. |
| Palgen M. | | Neis Bernard |
| Delvaux P. | | Scholtes Pierre |
| Hoffmann J.-P. | | Frank Jean |
| Weis-Peters M. | | Brandenburger Bernard |
| Ries Ph. | | Weis-Wewer |
| Hilger Jean | | Thiel Charles |
| Poos Nicolas | | Körner Nicolas |
| Loos Aloyse | | Weis-Peters |
| Schons Pierre | | Hendel Joh. |
| Lahr Theophil | | Classen Nicolas |
| Wagner Nicolas | | Dame Dominique |



2003

# Lelleger Pompjeeën




Nodeems d'Duerf Lelleg am Joer 1905 un d'Waasserleitung ugeschloss ginn ass, hu sech e puer Idealisten aus dem Duerf zesummegedoe fir e Pompjee's Corps ze grënnen.


**Den 20. Dezember hate een 31 Fräiwëlleger gemellt an den 1. Januar 1906 gouf dunn och d'offiziell Demande gemaach fir Member bei der Landesfederatioun ze ginn.**



1954

## Grënnungsmemberen:


| | | |
|---|---|---|
| Hauffels Johann | Präsident | Lies Peter |
| Roos Georg | Unterkommandan | Mayer Michel |
| Petry Franz | Kassierer | Mergen Josef |
| Wirtz Peter | Schriftführer | Mergen Peter |
| Hauffels Heinrich | Vorstandsmitglied | Petry Peter |
| Lies Mathias | Vorstandsmitglied | Pouhl Johann Peter |
| Wildgen Alphonse | Hornist | Pouhl Peter |
| Brosius Johann Peter | | Recking Peter |
| Freres Jakob | | Schmit Johann |
| Hartz Johann | | Steichen Peter |
| Hartz Mathias | | Wagner Johann |
| Hirt Johann Peter | | Weis Johann |
| Hubsch Bernard | | Weis Johann Peter |
| Hubsch Mathias | | Wildgen Corneille |
| Hubsch Peter | | Wirtz Johann |
| Kilbourg Nikolas | | |



1973




1973





1973







1993



# Mënjecker Pompjeeën

Den 13. Februar 1905 hunn 12 Mënjecker Bierger e Pompjee's Veräin gegrënnt. Et war no Berbuerg deen zweeten an der Gemeng Manternach.



1995





## Grënnungsmemberen:

| | |
|---|---|
| Werckes Hein | Schaaf Ferdinand |
| Schaaf Mathias | Reding Jean Pierre |
| Schaaf Michel | Neises Michel |
| Neises Johann | Fusenig Franz |
| Fusenig Alex | Gelhausen Franz |

**Recherchéiert an zesummegestallt vum Claude Theisen**

**Quellen:**
Brochure – 100 Jar Berbuerger Pompjeeën

# De Klaatsch & Traatsch



GEMENG manternach

# A Wiewesch

Den Agenda an Aktuelles aus dem Centre A Wiewesch.

## 01

### Januar

08 **Blätterteigworkshop-Galette des Rois selbst herstellen**
Awiewesch | 10.00h – 14.30h

08 **Aufbaukurs Sauerteigbrot**
A Wiewesch | 16.00h – 18.00h

09 **Backen**
A Wiewesch | 10.00h – 14.30h

14 **Forest bathing (EN / LU)**
A Wiewesch | 14.00h – 16.30h

15 **Grundkurs Sauerteig**
A Wiewesch | 11.00h – 13.00h

15 **Backworkshop Stutenbrot**
A Wiewesch | 15.00h – 17.00h

21 **Vortrag Klima und Landwirtschaft**
A Wiewesch | 18.30h – 20.00h

23 **Djembé workshop**
A Wiewesch | 14.00h – 16.00h

28 **Jagd in Luxemburg Vortrag**
A Wiewesch | 18.00h – 20.00h

## 02

### Februar

03 **Mam Fierschter am Bësch**
A Wiewesch | 14.00h – 16.00h

05 **Backworkshop Foccacia**
A Wiewesch | 11.00h – 15.00h

05 **Backworkshop Brötchen mit Sauerteig**
A Wiewesch | 15.00h – 17.00h

05 **Backen**
A Wiewesch | 18.00h – 20.00h

11 **Forest bathing (EN / LU)**
A Wiewesch | 14.00h – 16.30h

12 **Brotbacken mit Hefe-Wasser!**
A Wiewesch | 11.00h – 13.00h

12 **Naturschutzgebiet Manternacher Fiels**
A Wiewesch | 14.00h – 17.00h

12 **Aufbaukurs Sauerteig**
A Wiewesch | 15.00h – 17.00h

13 **Backen**
A Wiewesch | 11.00h – 13.00h

19 **Workshop Sauerteigbrot im Topf**
A Wiewesch | 11.00h – 13.00h

19 **Backworkshop Sauerteig Kastenbrot**
A Wiewesch | 15.00h – 17.00h

25 **Nachtwanderung**
A Wiewesch | 20.00h – 22.00h



## 03

### März

04 **Vortrag & Exkursion Kompensationsprojekt**
Palmbierg | 14.00h – 18.00h

05 **Kunstholzbank selber herstellen**
A Wiewesch | 14.00h – 18.00h

10 **IFEN Waldbaden**
A Wiewesch | 14.00h – 17.00h

12 **Obstbaumschnittkurs**
A Wiewesch | 09.00h – 16.30h

12 **Wanderung Manternach–Lellig mit Esel**
A Wiewesch | 10.00h – 13.00h

12 **Forest bathing (EN / LU)**
A Wiewesch | 14.00h – 16.30h

13 **Forest bathing for families (EN / LU)**
A Wiewesch | 10.30h – 13.00h

13 **Tröppeltour op de Spuere vun der Pabeierfabréck Lamort**
A Wiewesch | 14.00h – 17.00h

17 **Workshop Fermentieren**
A Wiewesch | 15.00h – 18.00h

17 **IFEN Waldbaden**
A Wiewesch | 14.00h – 17.00h

19 **Vögelstimmen erkenne im Wald**
A Wiewesch | 08.00h – 12.00h

19 **Naturschutzgebiet Manternacher Fiels**
A Wiewesch | 14.00h – 17.00h

20 **Workshop Introduction to permaculture**
A Wiewesch | 10.30h – 12.00h

20 **Workshop Composting at home! Vermicomposting**
A Wiewesch | 13.00h – 15.00h

25 **Einführung in die Biogärtnerei**
A Wiewesch | 14.00h – 17.00h

26 **IFEN Waldbaden**
A Wiewesch | 09.00h – 16.00h

27 **Pabeier (Harespel)**
A Wiewesch | 14.00h – 17.00h

30 **Internationale Tagung Streu–Obst Wiese**
A Wiewesch | 09.00h – 14.00h




## Waldbaden

Forest bathing - Waldbaden – bedeutet so viel wie eintauchen in die Atmosphäre des Waldes. Dabei geht es darum, nichts zu tun, sich tief zu entspannen und abzuschalten.

Diese Technik ist besonders erholsam und Stress abbauend. Seit den 80er Jahren wird darüber vor allem in Japan sehr viel geforscht. **Dort ist es mittlerweile eine offiziell anerkannte und zugelassene Therapieform.** Ärzte verschreiben diese ihren Patienten, sie werden von den Krankenkassen bezahlt und es sind sogar schon richtige Heilwälder entstanden.

**Forest bathing for adults 2022:** 14.01. / 11.02. / 12.03. / 01.04. / 28.04. / 05.06. / 24.06. / 01.07. / 30.07. / 02.08. / 03.09. / 9.10. / 05.11. / 17.12. immer von 14.00 - 16.30 Uhr.

**Waldbaden für Familien 2022:** 13.03. (10.30-13.00h) / 23.04. / 24.05. (14-17h) / 23.06. / 30.07.










Wir wissen alle (oder spüren es), dass der Wald uns gut tut. Mit uns ein Waldbad nehmen, entschleunigen und einmal „Nichts“ denken ist erholsam und immunstärkend.

Es bringt uns zurück zu unseren Wurzeln, zur Natur, aus der wir ja ursprünglich kommen. Wenn wir uns nun erneut tief mit der Natur verbinden, bringt uns das ins Gleichgewicht und in Verbindung mit uns selbst. Dann fängt auch die tiefe Entspannung an.

**Wir bieten dieses Walderlebnis für Schulklassen, Familien und Erwachsene an.**

## Anmeldung unter:

awiewesch@anf.etat.lu
Tel: +352-247 56 503



# État civil

## Gebuerten


- BRONKHORST NEU Nala
  **22.08.2021**
- HØRVING WEYER Lene
  **02.09.2021**
- HOSCHEID Clara Saori
  **07.09.2021**
- RIVAS Kayla
  **03.10.2021**
- KLEIN Laura
  **13.10.2021**
- KOOB Marie
  **03.11.2021**
- WEBER Jim
  **11.11.2021**
- GASPERI Yara
  **13.11.2021**

## Stierffäll

- STEIN Robert Pierre
  **24.08.2021**
- DIEFFERDING Adelaïde
  **10.09.2021**
- GOLDSCHMIT François Emile
  **04.10.2021**
- HENGEN Paul
  **03.11.2021**
- FRIES Annette
  **09.11.2021**
- CASEL Joséphine
  **13.11.2021**

## Bestietnesser

- DAHM Marc & JUNKER Isabelle
  **24.09.2021**
- MACHADO DOS LOUROS Dário Manuel & MARTINHO DE ALBUQUERQUE Dania
  **12.11.2021**



# Happy Birthday




## Gebuertsdag Marie Stemmler

De 26. August 2021 huet de Schäfferot der Madame Marie Stemmler, fir hir 85 Joer gratuléiert.

# Verstoppte Plaz





## Wéngert Manternacher Fiels

**Weebeschreiwung:**
Matzen an der Manternacher Fiels, genee no Süden orientéiert, läit dëse schéine Wéngert, dee vum Syndicat d'Initiatives vu Manternach ënnerhaale gëtt.

**Geo Koordinaten:**
99946 E | 86567 N

Lon / Lat WGS84:
6.44469 E | 49.71330 N

Lon / Lat WGS84 DMS:
6° 26′ 40,8″ E | 49° 42′ 47,8″ N

Lon / Lat WGS84 DM:
6° 26,68143′ E | 49° 42,79792′ N

WGS84 UTM:
315792 | 5509889 (UTM32N)


Héischt:
210,32 m



# D'Foto vum Mount



Den Tour de Lëtzebuerg ass duerch d'Gemeng Manternach gefuer
© Foto vun OK Photography



Schéckt är Foto op
**secretariat@manternach.lu**
fir déi nächst Editioun vum Buet

# Den Zäit-verdreif



GEMENG manternach

# De Gemengequiz

## 01 Wat huet virun 220 Joer net zum haitegen Territoire vun der Gemeng Manternach gehéiert

a. ☐ D'Cité Syrdall

b. ☐ Mënjecker

c. ☐ D'Syrdallschlass

d. ☐ De Schorenshaff

e ☐ D'Haaptmann's Schlass

## 02 Wéivill Meter Schinne laafen iwwer den Territoire vu Manternach?

a. ☐ 14.200 b. ☐ 2.859

c. ☐ 3.467 d. ☐ 7.100

## 03 Nieft wat oder wiem wollt de Philippe de Soleuvre begruewe ginn?

a. ☐ Nierwt sénger Fra

b. ☐ Nierwt ségem Schwert


c. ☐ Nierwt dem Napoléon

d. ☐ Nierft séngen zwee Päerd

## 04 Wéivill Hondstutekëschte gëtt et an der Gemeng?

a. ☐ 1 b. ☐ 31

c. ☐ 37 d. ☐ 29



D'Léisunge fannt dir op der Säit 83.



# Wäffelcher

**Perfekt fir am Wanter mat der Famill ze genéissen.**

**01** De Botter an den Zocker mam Vanillszocker gutt schaumeg opklappen.

**02** Een Ee nom aneren dra maachen.


**03** Dono d'Miel an 2 EL kaalt Waasser drënner réieren, bis den Deeg schéi glat ass.

**04** Den Deeg virum baken eng gutt Stonn raschte loossen.


**05** Am Wäffelcherseise baken an nom Baken direkt oprullen.

**06** Am beschten halen d'Wäffelcher sech an enger blechener Këscht, déi gutt loftdicht zougemaach ka ginn.

**Zutaten:**
250 g Botter
250 g Zocker
1 P. Vanillszocker
250 g Miel
6 Eeër
2 EL kaalt Waasser




## Gudden Appetit!



Wann dir vun ärer Kachkonscht iwwerzeegt sidd a mengt dir wiert de beschte Kach aus der Gemeng, da schéckt eis äert Lieblingsrezept op **secretariat@manternach.lu.**

Mir publizéieren dann ärt sensationellt gutt Rezept an der nächster Ausgab fir dass d’Leit aus der Gemeng dat kënne kachen.

# De Raider



GEMENG manternach

## Uwiesend / *Présents:*

HOFFMANN Jean-Pierre, Buergermeeschter / *Bourgmestre*
KLEIN-UNGEHEUER Alix, Schäffin / *Échevine*
THEISEN Claude, Schäffen / *Échevin*
KLEIN-SEIL Henriette, THOSS-LEHMANN Marie-Rose, SCHRAM-PETRI Alice, MEHLEN Robert, Gemengerot / *Conseillers*

## Absent / *Absents:*

a) entschëllegt / *excusé(e)s:* KRIER-STEINMETZ Isabelle, HELLERS Frank, Gemengerot / Conseillers
b) onentschëllegt / *sans motif:* /

# Gemengerotssëtzung *Réunion du conseil communal*


## vum *du* 22.09.2021

### 1. Unhuele vum Projet fir d'Renaturatioun vun der Osterbach zu Lelleg

De Gemengerot approuvéiert eestëmmeg de Projet fir d'Renaturatioun vun der Osterbach, deen de Bureau SCHROEDER S.A. presentéiert huet.

### *1. Approbation du projet „mise à ciel ouvert et amélioration des conditions morphologiques du cours d'eau Osterbaach" à Lellig*

*Le conseil communal approuve à l'unanimité des voix des membres présents le projet de renaturation présenté par le bureau SCHROEDER S.A.*




## 2. Unhuele vum geschaaten Devis vum Projet fir d'Renaturatioun vun der Osterbach zu Lelleg

De Gemengerot huet eestëmmeg den Devis fir de Projet iwwert e Montant vun 245.000,00 € ugeholl. Fir dëse Projet kann d'Gemeng, well en an enger Natura 2000 Zone läit, e Subside vu bis zu 100% beim Staat ufroen.

## *2. Approbation du devis estimatif du projet „mise à ciel ouvert et amélioration des conditions morphologiques du cours d'eau Osterbaach" à Lellig*

*Le conseil communal approuve à l'unanimité des voix des membres présents le devis estimatif du projet en question au montant de 245.000,00 €. Ce projet, se trouvant dans une zone Natura 2000, pourra être subsidié par l'état jusqu'à un maximum de 100 %.*

## 3. Unhuele vum Devis fir déi zousätzlech Arbechten vum Projet vun der Astandsetzung a Sanéierung zu Mënjecker, Macherwee/um Bëschelt

### 3.1 Geneemegung fir zousätzlech Arbechten um Projet vun der Astandsetzung a Sanéierung zu Mënjecker

De Gemengerot huet d'Pläng fir zousätzlech Arbechten fir d'Kanalisatioun vum Reewaasser zu Mënjecker geneemegt.

### 3.2. Unhuele vum Devis fir déi zousätzlech Arbechten zu Mënjecker

De Gemengerot hëllt eestëmmeg den Devis vu geschaten

## *3. Approbation d'un devis et des travaux supplémentaires du projet de réfection et d'assainissement à Münschecker, Macherwee/um Bëschelt*

### 3.1 Approbation des travaux supplémentaires du projet de réfection et d'assainissement à Münschecker

*Le conseil communal approuve les plans concernant les travaux supplémentaires du projet de réfection et d'assainissement concernant la pose de canalisation d'eaux pluviales à Münschecker.*

### *3.2 Approbation du devis estimatif des travaux supplémentaires du projet de réfection et d'assainissement à Münschecker*

*Le conseil communal approuve à l'unanimité des voix des membres présents le devis supplémentaire pour des travaux*

220.000,00 € TTC, deen de Bureau d'ingénieurs Schroeder et Associés fir déi zousätzlech Arbechten zu Mënjecker opgestallt huet, un. Zesumme si fir déi 2 Devisen vum Projet 592.000,00 + 220.000,00 = 812.000,00 € TTC virgesinn.

*supplémentaires au montant de 220.000,00 € ttc établis par la société ingénieurs-conseils, Schroeder & associés pour le projet en question. La cumulation des deux devis du projet en question fait un total de 592.000,00 ttc + 220.000,00 € ttc = 812.000,00 ttc.*

## 4. Unhuele vu Recetten

Folgend Recette sinn eestëmmeg vum Gemengerot ugeholl ginn:

## *4. Approbation de recettes*

*Le conseil communal approuve à l'unanimité des voix des membres présents les titres de recettes 2021 suivants:*

### *Titres de recettes 2021*

| *Article budgétaire* | *Libellé* | *Montant* |
|---|---|---|
| *1/831/162000/20077* | *Part. Etat PV* | *4 419,00 €* |
| *2/180/811100/99001* | *Recours Fonds de Reserve* | *5,00 €* |
| *2/180/768000/99001* | *Fonds de dotation globale des communes tranche juillet* | *848 621,00 €* |
| *2/180/768000/99001* | *Verkauf PKW Anhänger* | *575,00 €* |
| *2/412/702200/99002* | *Vente de bois long* | *12 820,01 €* |
| *2/412/702200/99002* | *Vente de bois long* | *855,34 €* |
| *2/425/705100/99001* | *production énergies renouvelables* | *397,46 €* |
| *2/425/705100/99001* | *production énergies renouvelables* | *712,03 €* |
| | **Total:** | **868404,84 €** |

## 5. Ännerung vum Verkéiersreglement:

### 5.1. Am Burfeld zu Manternach

De Gemengerot huet eestëmmeg decidéiert d'Verkéiers-reglement folgendermoossen ëmzeänneren:

## *5. Modification du règlement de circulation*

### *5.1. Modification du règlement de circulation – „Am Burfeld"*

*Le conseil communal décide à l'unanimité des voix des membres présents de modifier le règlement de circulation communal comme suit:*

### *Dans l'annexe 1 „Dispositions particulières", la rubrique concernant am Burfeld à Manternach (Manternach) est complétée par la disposition suivante:*

| *Article* | *Libellé* | *Situation* | *Signal* |
|---|---|---|---|
| *5/2/1* | *Stationnement interdit* | *sur toute la longueur; (vis-à-vis des maisons n°1A-5A et 7-9, devant n°10-11)* |  |

### 5.2. Pont CFL Lënzebierg zu Manternach

De Gemengerot huet eestëmmeg decidéiert d'Verkéiers-reglement folgendermoossen ëmzeänneren:

### *5.2. Modification du règlement de circulation – „Pont CFL Lënzebierg“ à Manternach*

*Le conseil communal décide à l'unanimité des voix des membres présents de modifier le règlement de circulation communal comme suit:*

## *Le chapitre 2 „Circulation - Interdictions et restrictions“, est complété par un nouvel article libellé comme suit:*

| Article | Libellé | Situation |
|---|---|---|
| *2/3/4* | *Accès interdit aux véhicules ayant un poids en charge supérieur à … tonnes* | *Pour les voies énumérées en annexe et se référant au présent article, l'accès aux tronçons désignés est interdit dans le ou les sens indiqués aux conducteurs de véhicules ayant un poids en charge supérieur au poids indiqué.*<br><br>*Cette réglementation est indiquée par le signal C,7 'accès interdit aux véhicules ayant un poids en charge supérieur à .. tonnes' portant l'inscription du poids en charge maximal autorisé.* |

## *Dans l'annexe 1 „Dispositions particulières“, la rubrique concernant le CR134 (chemins ruraux adjacents) en dehors des agglomérations est complétée par la disposition suivante:*

| Article | Libellé | Situation |
|---|---|---|
| *2/3/4* | *Accès interdit aux véhicules ayant un poids en charge supérieur à … tonnes* | *sur le pont "CFL" Lënzebierg (langage courant Faberstrooss ), dans les deux sens, 30t* |

## 6. Unhuelen vun temporäre Verkéiersreglementer

Wéinst Infrastrukturarbechten an der „Syrdallstrooss“ zu Manternach, muss de Verkéier anescht gereegelt ginn. De Gemengerot huet eestëmmeg decidéiert d'Verkéiersreglement folgendermoossen ëmzeänneren:

## *6. Approbation d'un règlement temporaire de circulation*

*À l'occasion des travaux d'infrastructure dans la rue "Syrdalls-trooss" à Manternach, il y a lieu de règlementer la circulation. Le conseil communal approuve à l'unanimité des voix des membres présents le règlement de circulation comme suit:*

### *Le chapitre 4 „Circulation - Priorites“, est complété par un nouvel article libellé comme suit:*

| Article | Libellé | Situation | Signal |
|---|---|---|---|
| *4/4* | *Signaux colorés lumineux* | *Sur les voies énumérées en annexe et se référant au présent article, la circulation des véhicules, animaux et piétons est réglée aux endroits désignés par des signaux colorés lumineux conformes à l'article 109 modifié du Code de la route.* |  |

### *Dans l'annexe 1 „Dispositions particulières“, la rubrique concernant la Syrdallstrooss (CR134) à Manternach (Manternach) est complétée par les dispositions suivantes:*

| Article | Libellé | Situation | Signal |
|---|---|---|---|
| *4/4* | *Signaux colorés lumineux* | *entre la maison n°29 et le passage à niveau* |  |
| *5/2/1* | *Stationnement interdit* | *entre la maison n°29 et le passage à niveau, les deux côtés* |  |

*Les infractions aux dispositions de la présente modification sont punies conformément aux dispositions de l'article 7 de la loi modifiée du 14 février 1955 concernant la réglementation de la circulation sur toutes les voies publiques.*

## 7. "Crédit spécial" fir de Projet „Water Safety Plan“

De Gemengerot huet eestëmmeg e spezielle Kredit iwwer 24.000,00€ fir den Artikel 4 / 624 / 211000 / 21099 – Water Safety Plan ugeholl, fir dass de Projet ka lancéiert ginn.

All d'Waasserlieferanten, notamment d'Gemengen an d'Gemengesyndikater, sinn amgang fir all hir Waasserinfrastrukturen eng Risikoanalyse auszeschaffen, déi vun der WHO ënnert der Form vun engem „Water Safety Plan“ proposéiert gëtt an zu Lëtzebuerg als Internet Applikatioun „LuxWSP“ ugebuede gëtt.

Déi Fournisseuren, déi bis den 22.12.2021 mat hirer Analyse färdeg sinn, gi mat dem „Drepsi – nouvelle Génération“ ausgezeechent, dee je nom Grad vum Ofschloss vum LuxWSP a 4 Kategorien ënnerdeelt ass: bronze, selwer, gold oder platin.

## *7. Crédit spécial - Projet „Water Safety Plan“*

*Le conseil communal approuve le crédit spécial sous l'article 4/624/211000/21099 – Water Safety Plan de 24.000,00 € afin de pouvoir lancer le projet en question.*

*Tous les fournisseurs d'eau, à savoir les Communes et les Syndicats communaux, sont en train d'élaborer une analyse de risque pour chaque infrastructure de leur réseau et que cette analyse de risque, proposé par l'organisation mondiale de la santé (OMS/WHO) sous la forme d'un manuel „Water Safety plan (WSP)“, est mise en place au Luxembourg comme application web „LuxWSP“.*

*Les fournisseurs qui termineront leur analyse jusqu'au 22 décembre 2021, seront récompensés avec le Drëpsi „nouvelle génération“, qui est échelonné, selon le degré de finalisation du LuxWSP, en 4 catégories: bronze, argent, or et platine.*

## 8. Unhuele vun Don'en

### 8.1. Action solidarité – Hëllef fir d'Affer vun den Iwwerschwemmungen „Gemeng Rosport-Mompach"

De Gemengerot huet eestëmmeg decidéiert en Don vun 1000€ un d'Asbl „Rouspert-Mompech hëlleft" ze man, mat der Kommunikatioun „Inondations". De Conseil d'administration analyséiert an evaluéiert déi agereechten Dossieren laut de Critèren, déi mam Office social Rosport-Mompach festgehal gi sinn.

### 8.2. Action solidarité – Hëllef fir d'Affer vun den Iwwerschwemmungen „Gemeng Iechternach"

De Gemengerot huet eestëmmeg decidéiert en Don vun 1000€ un d'Gemeng Iechternach ze man, mat der Kommunikatioun „Inondations". Den Iechternacher Schäfferot analyséiert an evaluéiert déi agereechten Dossieren laut de Critèren, déi mam Office social Echternach festgehal gi sinn.

## *8. Approbation de dons*

### *8.1. Action de solidarité – Aide inondations „Commune de Rosport-Mompach"*

*Le conseil communal décide à l'unanimité des voix des membres présents de verser un don d'une valeur de 1000 € à l'association sans but lucratif „Rousport-Mompech hëlleft ASBL" avec la communication „Inondations". Le conseil d'administration analysera et évaluera les dossiers introduits sur base de critères fixés avec l'Office social Echternach Rosport-Mompach*

### *8.2. Action de solidarité – Aide inondations „Ville d'Echternach"*

